

ABIOL – News 2015/2

www.abiol.lu

Visite vun der Cité des Sciences an dem LCSB um Belval

D'ABIOL proposéiert eise Memberen eng Visite vun den neien Infrastrukturen zu Esch-Belval,

Dënschdes, de 24. November 2015 um 15h30.

Déi eenzel Elementer vun der Visite sinn:

- Um 15h30 eng Visite guidée vun de Gebailechkeete vun der Cité des Sciences, wou mir och d'Méiglechkeet hunn e Bléck an déi nei Maison du Savoir ze geheien.
- Um 17h15 d'Visite vum LCSB (Luxembourg Center for Systems Biomedicine). Mir kréien do vum Prof. Rudi Balling an der Dr. Elisabeth John d'Installatiounen an deenen zwee Gebaier gewisen.



Géint 18h45 géife mir d'Visite mat engem lësschen am Restaurant Dimi Si um Belval ofschléissen.

Mëllt iech w.e.g. bis den 22. November 2015 ënnert secretariat@abiol.lu un a sot Bescheid, ob dir och mat iese gitt. Fir d'Visite sinn 20 Plazen ze verginn, den Départ ass an der Massenoire.

Den 'natur musée' invitéiert d'Membere vun der ABIOL op de Vernissage vun der neier Extraausstellung „Orchidées, cacao et colibris“ am MNHN, Stadgronn.

Donneschdes, den 3. Dezember 2015 um 18 Auer

Méi Informatiounen fannt dir ënner www.mnhn.lu/blog/2015/10/explorateurs/

De Mëttwoch, 20. Januar 2016 um 18h30 bid d'ABIOL eng Visite guidée speziell fir eis Memberen un!

Mëllt iech w.e.g. bis den 13. Januar 2016 ënnert secretariat@abiol.lu un.



Excursioun op d'Didacta 2016 zu Köln

D'ABIOL organiséiert erëm eng Excursioun op d'Didacta, déi d'nächst Joer zu Köln ass.

Dir kënnt iech den Datum schonns virmierken :

Samschdes, de 20. Februar 2016

Mir wäerte mat engem Bus vum P+R Howald Moies géint 7 Auer fort fueren an owes géint 19 Auer zeréck sinn. Sou kann ee sechs Stonnen op der Didacta verbréngen. Weider Detailer an eisem nächsten ABIOL-Info, op www.abiol.lu an op www.didacta-koeln.de.



Demande fir eng Entrevue mat Educationnsminister Claude Meisch

D'ABIOL huet dem Educationnsminister Claude Meisch am November 2014 e Bréif geschéckt, wou mir him eis Revendicatiounen a Punkto Enseignement matgedeelt hunn. An engems hate mir gefrot fir eng Entrevue ze kréien, fir iwwert eis Uleies ze diskutéieren. Bis haut hu mir keng Äntwert op eise Bréif kritt an op Nofro hinn, op et méiglech wär, eng Entrevue mam Här Minister ze kréien, si mir ëmmer erëm verträischt ginn. Mir wäerten um Ball bleiwen, fir endlech eng Entrevue ze kréien fir eis Positiounen an Uleies virzedroen.

Naturwëssenschaftsolympiad a Biologiesolympiad

Am Schouljoer 2015/2016 gëtt déi 9ten Editioun vun der Lëtzebuerger Naturwëssenschaftsolympiad ofgehalen. Fir d'Qualifikatiounsronn den 12. November sinn 2190 Schülerinnen a Schüler aus 32 Lycéeën ugemellt. Dës héich Zuel vun Participanten weist, dat den Interêt un sou enger Competitioun ganz grouss ass, a bestärkt d'ABIOL, dës Initiative weiderhin ze ënnerstëtzen. Weider Informatiounen fannt dir ënnert www.nwo.lu

Déi zweet Editioun vun der Lëtzebuerger Biologiesolympiad start den 20. Januar 2016 mat der Qualifikatiounsronn. De Concours riicht sech primär u Schüler vun de Klassen 1^{er} an 2^{er}. Umellen kënnen d'Schüler sech bis de 16. Dezember 2015 ënnert www.ibolux.lu, do sinn och weider Informatiounen zum Concours ze fannen.

